adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 9. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Mëtt Dezember vu leschtem Joer huet den Här Landwirtschaftsminister un engem Treffe vun den EU-Agrarminister zu Bréissel deelgeholl. Hei gouf ë.a. och d'Aféiere vun enger Närwäert-Kennzeechnung (Nutri-Score) op de Liewensmëttel diskutéiert. Zesumme mat 22 aneren EU-Staaten huet Lëtzebuerg sech favorabel fir dëst Konzept ausgeschwat, wat elo vun 2021 un a Kraaft triede soll. Et gouf awer notamment vun Italien, Griicheland an Tschechien och kritesch Stëmmen zum Nutri-Score. Ee vun de Kritikpunkte war, datt duerch de Nutri-Score traditionell a regional Produkter entwäert kéinte ginn. Traditionell landwirtschaftlech Produkter hunn z.B. dacks méi en héijen Närstoff- a Fettgehalt, kënnen awer – a Moosse konsuméiert - trotzdeem positiv gesondheetlech Aspekter opweisen. Vu datt z.B. Fett och en essentiellen Närstoff fir de Fonctionement vum Kierper ass, stellen sech hei och méi grondsätzlech Froen, wat de Sënn vu sou engem Nutri-Score ugeet. Et kann een sech an deem Zesummenhank och dem Gedanken net ganz verschléissen, datt d'Regierung, wéi dat an der Vergaangenheet scho méi dacks de Fall war, duerch esou Mesuren dozou tendéiert, de Bierger duerch allerlee Virschrëften erzéien ze wëllen, respektiv, a sengem Verhale lenken a kontrolléieren ze wëllen.

An deem Kontext géif ech dem Här Landwirtschaftsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wat war déi grondsätzlech Motivatioun vun der Regierung, esou engem Nutri-Score favorabel géint iwwer ze stoen?
2. Wéi eng Instanzen decidéieren iwwert d'Parameteren a Krittäre vun deene jeeweilegen Närstoffer, no deenen de Nutri-Score uschléissend berechent soll ginn? Op wéi enger wëssenschaftlecher Basis foussen dës Aschätzunge vun de Närwäerter?
3. Besteet an den Ae vum Här Landwirtschaftsminister net d'Gefor, datt duerch de Nutri-Score traditionell a regional Lëtzebuerger Produkter kéinten entwäert ginn, well Leit sech eventuell vu engem méi negativen Nutri-Score ofschrecke loossen?
4. Géif dëst net am Widdersproch zum Wëlle vun der Regierung stoen, regional Produkter ze fërderen a wier de Nutri-Score an deem Fall net och eng diskriminatoresch Mesure?

5. Wéi ka mam Aféiere vum Nutri-Score séchergestallt ginn, datt d'Leit net dozou verleet ginn, duerch e méi negativen Nutri-Score (z.B. duerch en erhéichte Fettgehalt) déi falsch Konklusiounen ze zéien, wat déi gesondheetlech Aspekter ugeet, vu datt Fett, a Moossen konsuméiert, jo och en essentiellen Närstoff ass?
6. Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Bierger déi néideg Verantwortung mat sech droen, fir hiren Iess- a Liewensstil selwer an ouni Afloss vun der Politik kënnen ze bestëmmen? Wa jo, wéi ass dës Iwwerzeegung a Relatioun ze brénge mam Aféiere vum Nutri-Score, dee jo de Bierger – politesch motivéiert – a sengen Entscheedunge beaflosse wëll?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**